GEWOSST WÉI!

E BLÉCK OP D'LËTZEBUERGER ORTHOGRAPHIE!

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

LËTZEBUERGESCH SCHREIWEN

A véierzéng Kapitele gëtt d'Schreifweis vum Lëtzebuergeschen erkläert, éischter exemplaresch wéi mat Reegelen. Zilpublikum si Leit, déi Lëtzebuergesch schwätzen an déi sech an d'Schreiwe wëllen aschaffen. Et ass och virausgesat, datt si Däitsch a Franséisch kënnen.

An all Kapitel sti fir d'éischt e puer Sätz als Beispill, déi de Problem vum Kapitel illustréieren, an och eng kuerz Erklärung. Dono kënnt e prinzipiellen Iwwerbléck iwwert déi verschidden Aspekter vum Kapitel, an och iwwert déi wichtegst Reegelen.

Deen heiten Outil, fir Lëtzebuergesch léieren ze schreiwen, ass konzipéiert, zesummegestallt an erausbruecht vum Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques (SCRIPT) vum Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.

WEESS DE WÉI?

SCHREIWEN.lu

VIRWUERT

D'Lëtzebuerger Sprooch ass an eisem Alldag iwwerall ze fannen; net nëmmen an der mëndlecher, mä och an der schréftlecher Kommunikatioun. Mir hunn eng flott a lieweg Sprooch a mir kënnen zu Recht houfreg drop sinn. Besonnesch eis Schréftsprooch ass an de leschte fofzéng Joer duerch d'Opkomme vun neien Technologien an den digitale Medien nach méi wichteg an eisem Alldag ginn. Et ass selbstverständlech, datt mir op Lëtzebuergesch kommunizéieren.

Beim Schreiwe vun SMSen erwëschen ech mech awer selwer heefeg beim Iwwerleeën, wéi dann elo dëst oder dat Wuert geschriwwe gëtt. Allgemeng mierken ech, datt de Wonsch an de Wëllen an der Gesellschaft, fir korrekt Lëtzebuergesch schreiwen ze kënnen an ze léieren, an der Lescht staark gewuess ass an éffentlech ëmmer méi heefeg gefuerdert gëtt. D'Kommunikatioun op Lëtzebuergesch ass net méi just reduzéiert op de private Beräich, mee och am berufflechen, formellen Alldag gëtt eis Nationalsprooch ëmmer méi wichteg – sief et fir eng E-Mail un de Chef oder en offizielle Bréif un eng staatlech Institutioun.

Net jiddereen, dee Lëtzebuergesch wëll schreiwe léieren, fënnt awer och d'Zäit, fir reegelméisseg an e Cours goen ze kënnen. Aus dësem Grond hu mir am Educationsministère dës Outilen ausgeschafft, fir jiddwer Interesséierten ze motivéieren, sech mat eiser Rechtschreiwung ze beschäftegen. Et gouf op eng flott a méi innovativ Manéier probéiert, fir eist Reegelwierk verständlech opzebereeden; esouwuel digital wéi och a Form vun enger Broschür. Fir donieft och eise kulturelle Patrimoine anzebannen, goufen traditionell Riedensaarten a bekannten Zitater ausgewielt, déi d'Reegelen op eng flott an authentesch Aart a Weis verdäitlechen.

Ech wënschen Iech alleguerte ganz vill Spaass beim Entdecken oder beim Opfrësche vun eiser lëtzebuergescher Orthographie.

Claude Meisch
Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend

IWWERBLÉCK

01

VOKALER A, I, O, U
S. 06

02

EE & É
S. 08

03

É, Ë, E, Ä & Ö
S. 10

04

DIPHTHONGEN
S. 12

05

I, U ODER Ä VIRUN ENGEM R
S. 16

06

B↔P, D↔T, W↔F, G↔K, S↔SS, Z↔TZ
S. 18

D'TRADITIONELL RIEDENSAARTEN AUS:

* Pol Tousch. Verhonziklopedi. Editeur: P. Tousch (1995)
* Alain Atten. De Sproochmates I an II. Editions Schortgen (2010, 2013)
* „Lëscht vun de lëtzebuergesche Spréchwierder" op https://lb.wikipedia.org

07
G, GG, CH, J, SCH
S. 20

08
N-REEGEL
S. 22

09
SCHREIFWEIS VUN DE VERBEN
S. 24

10
VERBEN, DÉI SECH GLÄICHEN
S. 26

11
IMPARFAIT & CONDITIONNEL
S. 28

12
FRANSÉISCH WIERDER
S. 30

13
PLURAL VU FRANSÉISCHE WIERDER
S. 32

14
APOSTROPH
S. 34

SCHREIWEN.LU

D'VOKALER A, I, O, U

BEISPILLER

Mir haten op d'Mannst **aacht** Kanner am A gehal.
Um Ufank hunn d'Tute gutt gehal.

Kr**iibs**en a vill Fritte sinn däi L**iibl**ingsiessen.

De Bop klotert op den doten D**aach** a m**oosst** emol
op der Kopp den Drot vum Telefon.

De Vokal <a>, <i>, <o>, <u> gëtt **duebel** geschriwwen,
wann e laang geschwat ass viru méi Konsonanten.

An en anere Fäll gëtt de Vokal *<a>*, *<i>*, *<o>*, *<u>*
eemol geschriwwen.

DU SCHAFFS OCH LÉIWER MAT DE KËNNBAKEN EWÉI MAT DEN HÄNN. ×

D'PRINZIPIEN

Wann de Vokal <a>, <i>, <o>, <u> viru méi Konsonante laang geschwat gëtt, da muss de Vokal duebel geschriwwe ginn:
aacht, Kriibs, Gaass (däitsch: Gasse), kaalt Wieder,
Daach (däitsch: Dach), Piisch, hie moolt, ootmen, du tuuts

Soss gëtt de Vokal <a>, <i>, <o>, <u> nëmmen eemol geschriwwen:

virun engem oder kengem Konsonant gëtt de Vokal laang geschwat:
Bop, kloteren, Tut, mir haten, kal, A, Stad, Kaz, Dag (däitsch: Tag),
Glas, siwen, schif, ni, blo, molen, du otems, tuten

viru méi Konsonante gëtt de Vokal kuerz geschwat:
Fritten, gutt, vill, Batz, Ball, kill, Monni, futti, Haff, Schmadd

Et gëtt meeschtens keen <h> geholl, fir ze verlängeren:
Ram, Drot, Walen, Walsonndeg

Just bei verschiddene Wierder aus dem Däitsche bleift en:
Föhn, Bühn, Kühler

EEN AF MÉCHT DER HONNERT ×

Et gëtt keen <ie> geholl fir e laangen <i>, mee en <i> oder en <ii>:
Liiblingslidder, Zil

Just bei däitsche Wierder mat <ier> bleift och deen <ier>:
Nieren, schmieren, Regierung

HIEN ASS E VULL FIR D'KAZ. •

Bei zesummegesate Wierder ginn d'Deeler eenzel gekuckt:
Alstad, Molstonn

En eventuelle Fouen-s (den <s>, deen d'Deeler vun engem zesummegesate Wuert verbënnt) gëtt net gezielt, fir de Vokal ze verduebelen:
dagsiwwer, Spidolsplang

Déi Reegelen zielen och fir <ä>, <ö>, <ü>:
üben, geüübt, prägen, geprääg̃t, blöd, de Blöödsten

AUSNAMEN:
Bei ville kuerze Wierder gëtt de Vokal kuerz geschwat, obschonns nëmmen ee Konsonant hannendru steet:
an, am, him, op, ob, um, vum, net, dem, der, des, es, en, et, mat

Dat ass och esou bei Virsilben:
an-, ëm-, ver- , on-, op-, zer-

A bei importéierte Wierder:
Bus, Job, Chip

AN D'KANNER LOOSSEN HIRE KAFFI STON,

MICHEL LENTZ.
D'SCHUEBERMËSS. SPAASS AN IERSCHT. 1873

DEN EE AN DEN É

BEISPILLER

Een déckt Ee läit um Wee. Ech leeën zwee gréng Eeër op dee Steen.

Ech ziele fëx meng Fanger vun eent bis zéng.

Zu Eech an zu Dummeldeng steet ee bei all Geleeënheet am Stau.

E laangen e-Laut: **ëmmer <ee>**.

Wann en drëtten, onbetounten <e> derbäi kënnt: **<eeë> oder <ëee>**.

De kuerze betounten e-Laut: <é>

DAT ELO ASS D'SEECHE VUN DER ROUDER GEESS. *

D'PRINZIPIEN

E laangen e-Laut gëtt ëmmer mat <ee> geschriwwen:
Reen, et reent, seelen, meeschtens, Feeler, hie geet fort, Heemecht

AUSNAM:
international gebrauchte Wierder:
egal, Meter, Dezember, Theater, konkret, Trema

Wann en drëtten, onbetounten <e> derbäikënnt,
da kritt deen en Trema drop:
Jeeër, gëeegent, leeën, gëeelzt, Pompjeeën, eeneeëg

DEEN EE MÉCHT D'FAXEN, DEEN ANER KRITT D'STREECH. ×

HIE FREET SECH, WIEN DOHEEM D'BOX UNHUET. *

De kuerze betounten e-Laut wéi bei "déck" oder "Gléck" gëtt <é> geschriwwen, virun <ng>, <nk>, <ch>, <ck>, <x>:
bécken, déck, strécken, Schwéngchen, hie mécht, hie séngt, zéng, fëx

AUSNAMEN:
Pronomen an Uertsnimm, oder net betount:
ech, mech, dech, sech, meng, deng, seng, Bartreng, Houseker, Musek

eë

DEN É, Ë, E, Ä AN Ö

BEISPILLER

Ech flécken der deng Lächer an der Box,
awer d'Flecke kënne mer net ewech wäschen.

Streck mer meng Hiemer, awer net meng gestréckte gréng Strëmp,
a mësch dat net an der Wäschmaschinn!

D'Schäffe sëtzen an der Gemeng zesummen
a schwätzen iwwert dëst an dat.

<ë> den ö-Laut, ganz kuerz a betount,

<e> kuerz an onbetount, oder oppen,
oder bei Pronomen (ech, mech, meng),

oder a kuerze Wierder

<ä> kuerz an oppen, kënnt vun engem Wuert mat <a/ä> oder <o/ö> hier

<é> kuerz a betount, virun <ng>,< nk>, <ch>, <ck>, <x>

D'KÄTT ASS NET VUN DER HECK GEPLÉCKT. *

D'PRINZIPIEN

E kuerzen an oppenen e-Laut gëtt <e> geschriwwen;
blechen, Eck, enk, kleng, Steng, strecken, e frechen Iesel, hell, steppen

Et gëtt awer <ä> geschriwwen, wann d'Wuert vun <a>, <ä>, <o> oder <ö> hier kënnt, oder virun engem <r>:
Frächen, käppen, Läpp, Häll, Träpplek (vun Trap), Pännchen, Käschten, tässelen, Schäffchen, Stär, gär, är,

E kuerze betounten ö-Laut gëtt mat <ë> geschriwwen, souguer wann am Däitschen en <ö> steet; onbetount gëtt <e> geschriwwen:
kënnen, fëschen, dësen, mëll, Wëllem, kënneg, Kënnercher, rëselen, ëffentlech, fërderen, ëm (däitsch: um)

DEE GESÄIT D'MÄNNERCHER; HUET EN SE NACH ALL? EN ASS VUM LÄMMES GEBASS. *

ë

D'GELD GËTT EEN EWECH, D'DOMMHEET BEHÄLT EEN. ×

AUSNAM:
kuerz Wierder, z. B:
net, et, es, en, se, ze, em (däitsch: ihm)

Virun <ng>,< nk>, <ch>, <ck>, <x> steet dee betounten <é>:
klénge, strécken, Stéck, flénk, hie mécht Blénkerten a Béchsen an

Virun anere Konsonantegruppen a speziell virum <sch> steet en <ë> oder en <e> oder en <ä>, mee ni en <é>:
eppes mëschen, Meschen an den Hoer, e Feier läschen, lëschteg sinn, leschte Freiden

Den <ö> steet just bei Wierder aus dem Däitschen, wou en och am Lëtzebuergesche laang geschwat gëtt:
blöd, Föhn

WA MIR FUTTBALL SPILLEN
HÄLT KEEN ONS DE BASS

DÉI ËISCHT ZÉNG MINUTTEN
GI MIR SCHONN DRUN, DA GI MIR LASS

COLETTE A FERNAND.
D'FUTTBALLSLIDD. 1967

D'DIPHTHONGEN

HIEN HUET ENG MAT DER BROUTSCHÉISS. *

BEISPILLER

D'W**ou**recht läit an **ei**se W**ie**rder.

D'K**äi**zercher f**ä**nken h**au**t de M**oi**en e K**ou**p M**ai**s.

Ech gesinn h**ie**n h**ei**ansdo. H**ie** wunnt an enger H**äi**pchen,
d**éi** ass net esou h**éi**ch w**éi** d'H**ai**ser n**ie**wendrun.

<äi>, **<éi>**, **<ei>**, **<ai>**, **<au>**, **<oi>** sinn Diphthongen (Duebellauter),
<ou>, **<ue>** an **<ie>** meeschtens och, awer net ëmmer.
Den **<ai>** kënnt vun **<au>**.

PÄERD, DÉI AM MEESCHTE STRUEWELEN, ZÉIEN AM MANNSTEN. ×

ou

D'PRINZIPIEN

<ei> wéi bei hei:
deier, Eil (däitsch: Eule), leieren, Gewei, leien, Meis (däitsch: Meise)

<ai> steet just bei Wierder, déi vun <au> hierkommen, oder awer vum däitschen oder vum franséischen <ai>:
Lais, Haiser, Gebai, Mais (däitsch: Mäuse, Mais), Pai

<äi> wéi Wäin
Däiwel, Äis, Käil, Bäich, Bläi, mäi Wäin, hie läit, Mäifel

<éi> wéi Béier
Déier, Éil (däitsch: Aal), léieren, wéi, léien, Méi

BLO A ROUT ASS BAUEREMOUD. *

<au> wéi Fauscht a wéi Laun
Auer, Daum, Drauf, klauen, sauer, haut
Bauch, Fauscht, Haut, lauschteren

<ou> wéi bei Kou,
Bouf, Brout, Kou, Schoul, wou

Mee a franséische Wierder gëtt den <ou> wéi en <u> geschwat:
Coupé, Clou, Coup

<ai> als Diphthong steet just bei <Moien>, soss stinn <eu>, <äu>, <ue>:
lëtzebuergesch, euphoresch, Europa, äusseren, enttäuscht.

A franséische Wierder gëtt <oi> wéi am Franséische geschwat:
Trottoir, Besoin

<ie> ass meeschtens en Diphthong, ni e laangen <i>:
Biedem, Lieder, Briet, zielen (däitsch: zählen)

<ie> gëtt heiansdo getrennt geschwat:
Plien

<ue> ass meeschtens en Diphthong:
Buedem, muelen, Ueleg, fueren,

<ue> gëtt heiansdo getrennt geschwat:
Suen

<ae>, <oe> si keng Duebellauter, mä si gi getrennt geschwat;
boer, Fraen, kloen, knaen

ELO HUNN ECH JO KEE ROUDEN A KEE WÄISSE MÉI AN DER TÄSCH. *

SERGE TONNAR.
ECH SI LËTZEBUERG. 2013

ECH SINN E GROUSSEN HEXEMEESCHTER
WELL WANN ECH HOKES-POKES SON...
WEESS DE WÉI?
SCHREIWEN.lu
REEGEL 8/15
Um Enn vun engem Wuert gëtt en n oder nn geschriwwen, wann dat Wuert hannendru mat engem Vokal oder mat n, d, t, z, h ufänkt. Soss geweinlech net.
DICKS (EDMOND DE LA FONTAINE).
D'MUMM SËTZS ODER DE GEESCHT. 1856
LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale
Département de l'Éducation et de l'Enseignement


AN ELO SÉIER
D'KEESS
OP AN D'KLACKEN
ERAUS!
WEESS DE WÉI?
SCHREIWEN.lu
REEGEL 2/15
De laangen e-Laut gëtt ëmmer ee geschriwwen.
Onofhängeg dovun, wéi vill Konsonanten hannendru kommen.
ANDY BAUSCH.
TROUBLEMAKER. 1988
LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale
Département de l'Éducation et de l'Enseignement

AN D'KANNER LOOSSEN
HIRE KAFFI STON,
FIR DEENE SCHÉINEN
HÄMMEL
NOZEGON
WEESS DE WÉI?
SCHREIWEN.lu
REEGEL 1/15
D'Vokaler a, i, o, u ginn an engem Wuert eenzel geschriwwen, wa se laang geschwat sinn an hannendrun een oder kee Konsonant steet.
Viru méi Konsonante ginn dës Vokaler entweder duebel geschriwwen, wa se laang geschwat sinn oder eenzel geschriwwen, wa se kuerz geschwat sinn.
MICHEL LENTZ.
D'SCHUEBERMËSS. SPAASS AN IERSCHT. 1873
LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale
Département de l'Éducation et de l'Enseignement

ET GËTT
DËI
LËTZEBUERG AN ET GËTT
MËINT
LOOSS ET GUTT SINN, JIDDERENGEM
SËINT
WEESS DE WÉI?
SCHREIWEN.lu
REEGEL 4/15
Typesch fir d'Lëtzebuergescht si seng Diphthongen:
ei, ëi, ai, éi, eu, ie, ou, ue, au, oi.
SERGE TONNAR.
ECH SI LËTZEBUERG. 2013
LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale
Département de l'Éducation et de l'Enseignement

WA MIR FUTTBALL SPILLEN
HÄLT KEEN ONS DE BASS

DÉI ÉISCHT ZÉNG MINUTTEN
GI MIR SCHONN DRUN, DA GI MIR LASS

11 : 0

WEESS DE WÉI?
SCHREIWEN.lu

REEGEL 3/15
De betounten é steet virun ng, nk, ch, ck, x.

COLETTE A FERNAND.
D'FUTTBALLLIDDI. 1967

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale
de la Jeunesse et de la Formation professionnelle

E
FLIGER
ASS EN
AVION
A
MOIEN
HEESCHT
BONJOUR

WEESS DE WÉI?
SCHREIWEN.lu

REEGEL 12/15
Déi franséisch Wierder sinn ënnerschiddlech gutt an d'Lëtzebuergescht integréiert.
Verschidde franséisch Wierder ginn tel quel iwwerholl, mee d'Substantive gi grousso geschriwwen.

DËPPREÉISSER.
D'GELD REGIERT D'WELT. 2012

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale
de la Jeunesse et de la Formation professionnelle

FIISSCHEN
FIISSCHEN
ECH HUNN NÄISCHT Z'IESSEN
FIISSCHEN
FIISSCHEN
ECH MUSS DECH FRIESSEN

WEESS DE WÉI?
SCHREIWEN.lu

REEGEL 6/15
Déi dëitsch ss, ß, chs an s ginn am Lëtzebuergeschen ss geschriwwen.

DICKS (EDMOND DE LA FONTAINE).
DE WËLLEFCHEN AN DE FIISSCHEN. ALLEÉRHAND VUM DICKS. 1903

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale
de la Jeunesse et de la Formation professionnelle

OB
NIK ODER NET
GUART ODER GAART
MUAR ODER MUER
OB
BIC ODER STËFT
KUART ODER KAART
WUAR ODER WUER

WEESS DE WÉI?
SCHREIWEN.lu

NET FIR ALLES GËTT ET ENG REEGEL!
D'Orthographie bezitt sech ëmmer op eng Standardvariant,
wat awer net heescht, datt regional an dialektal Varianten verluer solle goen.

DE LËB.
DIALEKTER. 2013

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale
de la Jeunesse et de la Formation professionnelle

DEN I, U ODER Ä VIRUN ENGEM R

BEISPILLER

De W**ier**t gëtt mir eng Birendrëpp.

Am Mier wier et mir w**ierk**lech, fir ze f**äert**en.

Du w**äerts** är Zär dach net zouspären!

Ären T**uerm** ass eng Spur ze k**uerz** an **Äert** Gefier
net hell genuch beliicht mat deene Biren.

E P**äerd** an e Bier sti virum Sprangbur.

Den <ä>, <i> oder <u> kréien en <e> derbäi,
wann hannendrun en <r> plus nach e Konsonant stinn.

Virun dem <r> ouni en anere Konsonant steet den <ä> eleng.

Den <i> an <u> sti just dann eleng,
wann am Däitschen <ir> oder <ur> steet
a bei <vir> a <fir> (däitsch: vor, für),
soss kréien se och do en <e> derbäi.

MIR GEET ENG SPÄICHERLIICHT OP. *

D'PRINZIPIEN

Virun engem <r> plus en anere Konsonant kritt den <ä>, <i> oder <u> en <e> derbäi:
äert Kand, hiert Meedchen, wiert Iech, Kierch, Wuerm, Uerteel, Iertum

Dobäi gëtt fir <ier> an <uer> dat däitscht Schrëftbild gekuckt:
Wierder (däitsch: Wörter), Wieder (däitsch: Wetter), Hierscht, Fierschter, Tuerm

Virun engem <r> ouni en anere Konsonant steet den <ä> eleng:
äre Jong, Här, Kär, Pärel

DU BASS EMOL DE STRACK NET WÄERT, FIR DECH OPHÄNKEN ZE GOEN. ×

Virun engem <r> ouni en anere Konsonant steet den <i> oder <u> eleng, wann dat am Däitschen esou ass. Den <i> oder <u> virun engem <r> ouni en anere Konsonant kritt en <e> derbäi, wann en am Däitschen net mat <i> oder <u> plus engem <r> do steet.

dir (däitsch: dir, ihr), Dir (däitsch: Sie), dier (däitsch: dürr), Dier (däitsch: Tür),

mir (däitsch: mir, wir), Mier (däitsch: Meer, Mähre),

hir (däitsch: ihr), hier (däitsch: her),

Bir (däitsch: Birne), Bier (däitsch: Bär, Beere, Bahre),

ir (däitsch: irr), ier (däitsch: ehe), iren (däitsch: irren), ieren (däitsch: etwa),

Bur (däitsch: Brunnen), Buer (däitsch: Bohrer, Born),

Spuren (däitsch: Spuren), spueren (däitsch: sparen),

ureg (däitsch: urig), uereg (däitsch: arg),

Tur (däitsch: Turm), Wuer (däitsch: Ware), muer (däitsch: morgen)

AUSNAM:
vir (däitsch: vor), fir (däitsch: für)

Bei zesummegesate Wierder ginn d'Deeler eenzel gekuckt:
Ierwee, Ursaach, Urmënsch
Mee: Uerteel (net zesummegesat)

HATT GESÄIT AUS WÉI ENG OFGELECKTE BOTTERSCHMIER. ×

B↔P, D↔T, W↔F, G↔K, S↔SS, Z↔TZ

BEISPILLER

De Bouf gëtt dem Schmadd eng gutt Drauf; dat ass léif.
D'**Bouwe** si léiwer de **gudden Drauwen** nogelaf.

Et ass der **Kaz** schlecht, si **motzt** a muss **katzen**.

De Fuuss an de Léiw sëtzen um Wues.

De Wuess leeft mer op de Fouss.

DAT MÉCHT DER KAZ KEE BOCKEL. *

<b> oder <p>, <d> oder <t>, <w> oder <f>, <g> oder <k>:
wéi am Däitschen.

Wann et dat Wuert esou am Däitschen net gëtt,
ass et <p>, <t>, <k>, <f>.

**Wann et awer <b>, <d>, <g>, <w> geschwat gëtt,
da schreift een et och esou.**

**<z> gëtt no engem laange Vokal geschriwwen,
<tz> nom kuerze Vokal.**

En däitschen <ss>, <ß>, <chs>, <z> gëtt am
Lëtzebuergeschen en <ss>.

D'PRINZIPIEN

Mir huelen dat däitscht Schrëftbild.
brav, Léiw (däitsch: Löwe), Dag (däitsch: Tag), Mount (däitsch: Monat), Mound (däitsch: Mond), Doud (däitsch: Tod), dout (däitsch: tot), ob (däitsch: ob), Schmëdd, Haff

AUSNAM:
Stad (däitsch: Stadt)

DO KRITT EEN DEN DUXALL GESTËBST. *

Wann dat däitscht Schrëftbild ganz anescht ass, schreiwe mer <p>, <t>, <f>, <k>:
léif (däitsch: lieb), Koup, dat, datt, op (däitsch: auf)

AUSNAM:
dir sidd

EN HÉIERT D'GRAS WUESSEN. ×

Wann de Konsonant d'Aussprooch ännert, wiessele mer d'Schreifweis:
Blutt, bluddeg, Bréif, Bréiwer, schreiwen, schreif, hie schreift, Keess, Keesen, Präis, Präisser, e léift Meedchen, e léiwe Jong

En einfachen <z> kënnt nom laange Vokal, en <tz> no engem kuerze Vokal:
Kaz (däitsch: Katze), katzen (däitsch: kotzen), motzen, Plaz, platzen, sëtzen, Apelbatz, Mutz, duzen

Den däitschen <ss>, <ß>, <chs>, <z> gëtt am Lëtzebuergeschen en <ss>:
Weess, Uess, Fuuss, Fouss, Wuess (däitsch: Wachs), Taass, naass, Faass, Gaass (däitsch: Gasse), Mooss (däitsch: Maß), fläisseg, wuessen, loossen

De mëllen <s> gëtt net verduebelt, och net wann de Vokal virdru kuerz ass:
Musel, Quisel

Den einfachen <s> kann och schaarf geschwat ginn:
Hues, Kéis, Präis, Bus (d'Uertschaft Bous), Wues (däitsch: Wiese), Ris, Gas (däitsch: Gas)

Bei <Bus> (d'Gefier) gëtt den <u> kuerz geschwat.

FIISSCHEN
FIISSCHEN

ECH HUNN NÄISCHT Z'IESSEN

FIISSCHEN
FIISSCHEN

ECH MUSS DECH FRIESSEN

DICKS (EDMOND DE LA FONTAINE).
DE WËLLEFCHEN AN DE FIISSCHEN. ALLERHAND VUM DICKS. 1903

DE G, GG, CH, J, SCH

BEISPILLER

Huele mer de **Fliger** oder den **Zuch** fir eisen Aus**fluch**?

Huel **endlech** dee **Spigel** ewech, e gesäit **bëlleg** aus
an e **mécht** aus mir e Klautjen.

Allerhellge ginn ech mat der Familljen op **Nanzeg**;
do ass et **frëndlech** an **heemeleg** a **gemittlech**,
an de Kleeschen ass och schonns do.

Du kanns net **heemlech** meng Bréiwer liesen a mer **Ligen** erzielen.
Da's eng **schlecht** Gewunnecht.

D'Pompjeeën hunn den **Ausbroch** vum Feier **verfollegt**
an dunn eng Waassermauer **geluecht**.

<g> oder <ch>: wéi am Däitschen,
ausser bei Zuch, genuch, Fluch, geluecht

Franséisch <-ier>, <-ille>, <-illet> gëtt <-jen> oder <-jee>

Bei typesch lëtzebuergesche Wierder kënnt en <-ch>,
an och beim Diminutiv.

D'PRINZIPIEN

Wann am Däitschen <g> steet an am Lëtzebuergeschen <r> oder <j> geschwat gëtt, kënnt och am Lëtzebuergeschen e <g>:
Kugel, Spigel, Vugel, Vigel, Bierger, Dugend, Ligen, logéieren, Allerhellgen, Dag <Tag>, deeglech, dagsiwwer

De <g> an den <ch> stinn eréi am Däitschen, och wann am Lëtzebuergeschen nach Buschtawen drugehaang ginn:
wéineg, sëlleg, vëlleg, zwanzeg, follegen, siedegen, Priedegt, gepriedegt, verfollegt, en heemelegen Owend (däitsch: heimelig), en heemlegt Déier, en heemleche Geste (däitsch: heimlich), Daach (däitsch: Dach), Lach, Lächer, lächerlech

AUSNAM:
Wann um Enn vum Wuert de Vokal betount ass, da kënnt en <ch>:
Zuch, Fluch, genuch, Krich, ewech

ET SINN DER VILL, DÉI ËMMER SCHAFFEN, AN DACH NI FÄERDEG GINN. ×

Bei engem typesch lëtzebuergesche Wuert steet <ch>:
Heemecht, Uelzecht, Gewunnecht

Bei engem onregelméissege Participe passé steet <-cht>:
leeën, geluecht; denken, geduecht; bréngen, bruecht

E <gg> gëtt et just bei Wierder, déi mer domat aus anere Sproochen iwwerhuelen:
Bagger, Bugger, schmuggelen

De <j> gëtt op verschidde Manéieren ausgeschwat:
1. Jick, Jippelchen
2. Januar, Jonk
3. grujeleg, vijenzeg

E <-jen> oder <-jee> kënnt vum franséischen <-ier>, <-ille> oder <-illet>:
Familljen, Klautjen (franséisch: cloutier), Pompjee, Fripjen (franséisch: fripier), Giischtjen (franséisch: guichetier)

E <-chen> ass en Diminutiv
Këndchen, Männchen, Kleeschen, e bësschen, Schäffchen

Mir bleiwe beim verduebelte Konsonant, wann esou eng Endung derbäikënnt:
Allerhellgen, Dällchen, hallwer

De <j> gëtt bei e puer Wierder vun <ch> oder <sch> ofgeleet:
eng Piisch, vill Pijen; héich, en héije Bierg; dat Viischt, vijenzeg

<sch> ass meescht ee Laut wéi am Däitschen, mee heiansdo ginn den <s> an den <ch> getrennt geschwat:
Fiisschen, e bësschen, Haischen, Kleeschen

Fir den däitschen <-ng> hu mer dacks zwou Varianten, <-ng> oder <-nk>:
Empfang oder Empfank, Gesang oder Gesank, jong oder jonk, Hang oder Hank

WANN EN AF AN E SPIGEL KUCKT, KA KEEN APOSTEL ERAUSKUCKEN. ×

D'N-REEGEL

BEISPILLER

Deene Leit gi vill Sue verluer,
wa mir hinnen da kee Bréif kënne schreiwe fir se z'informéieren.

Deene Jongen hu mer Sue**n u**gebueden; wann déi se dann zréckginn,
brauche se keen Zëns ze bezuelen.

Den <n> oder <nn> um Schluss vum Wuert gëtt just geschriwwen,
wann en och gesot gëtt , d. h. **virun engem Vokal** oder
virun n-d-t-z-h oder viru Punkt a Komma.

D'PRINZIPIEN

Den <n> oder <nn> um Enn vum Wuert gëtt geschriwwe virun engem Vokal, virun <n>, <d>,<t>, <z>, <h> a viru Sazzeechen:

den alen Änder, den décken Yves, deen aneren Apel; mäin A;
den Numm, en Déier, den Tunn, en hallwen Teller, mäin Hummer
dann awer ginn all d'Jongen an den ieweschte Sall; ech wëll kënne liese léieren;
wëssen, kënnen, wëllen; wann ech wëll, da kann ech

Déi englesch Buschtawen <j> an <c> am Ufank vum Wuert ginn dacks wéi [dsch] oder [ts] geschwat, da bleift den <n> oder <nn>:

en Job fannen, en Cent ausginn

Soss gëtt den <n> oder <nn> um Enn vum Wuert geméinlech net geschriwwen: Virun deenen anere Konsonante fält den <n> ewech:

de Virnumm, e Kallef, de Marc, e grousse Becher, de Jean fannen, siwe Frang,
mäi Bic, de léiwe Jean-Paul,de klenge Franz, deene meeschte Pijen, mäi Been;
da gi vill Jongen a Veräiner; wa Kanner wëlle liesen, da léiere se gutt;
se si geschwë fäerdeg

DEE MAT DE GROUSSEN HËNN WËLLT PISSE GOEN, MUSS D'BEEN HÉICH OPHIEWEN. . ×

Den <n> oder <nn> um Enn vu Substantiven oder Nimm gëtt awer geschriwwen a fält net ënnert d'n-Reegel:

d'Reunioun gëtt gehal, ech hu mer de Kënn raséiert, d'Léierin gesinn, d'Maschinn flécken, an Ungarn reesen

<u>AUSNAM:</u>
wann hannen <-äin> oder <-en> steet, dann zielt d'n-Reegel, da fält den <n> awer ewech:

de Wäi gëtt gedronk, d'Meedche ka muer de Moie kommen, a Spuenie reesen

Den <nn> um Enn vu verschiddene kuerzen Adjektiver gëtt ëmmer geschriwwen:

déi blann Sai, déi ronn Bäich, ech sinn dënn ginn

Den <n> oder <nn> um Enn vum Wuert ka geschriwwe ginn, muss awer net, virun <säin>, <si>, <se>, <sech> oder <seng>:

si gi(nn) sech net, ech hu(nn) se gesinn, dem Wäi(n) säi sëffegen Aroma

Bei zesummegesate Wierder gëllen déiselwecht Reegelen:

Wäikinnegin, Kënnstoppelen

DICKS (EDMOND DE LA FONTAINE).
D'MUMM SÉISS ODER DE GEESCHT, 1856

D'SCHREIFWEIS VUN DE VERBEN

BEISPILLER

Ech ire mech net, du iers dech.

De Fliger, dee lant, kënnt vu Paräis.

Ech **ootmen** déif a **molen**, hien otemt déif a **moolt**.

D'Verbforme respektéieren d'Reegel **vun der Verduebelung vum Vokal viru méi Konsonanten**, d'Reegel vum <i>, <u>, <ä> virum <r> an d'Reegel vum Konsonant um Enn vum Wuert.

D'PRINZIPIEN

D'Verbforme baséieren op der Infinitiv-Form, mee si respektéiere prioritär

- **d'Reegel vun der Verduebelung viru méi Konsonanten;**
- **d'Reegel vum <i>, <u>, <ä> virum <r>;**
- **d'Reegel vum Konsonant um Enn vum Wuert: <t>, <p> oder <f>, ausser bei: dir sidd**

hunn:
ech hunn
du hues
hien huet
ech hu gehat

sinn:
ech sinn
du bass
hien ass
ech si gewiescht

halen:
ech halen
du häls
hien hält
ech hu gehalen

wëllen:
ech wëll
du wëlls
hie wëllt
mir wëllen
ech hu gewollt

landen:
ech landen
du lants
hie lant
ech si gelant

leeden:
ech leeden
du leets
hie leet,
ech hu geleet

ootmen:
ech ootmen
du otems
hien otemt
ech hu geotemt

molen:
ech molen
du mools
hie moolt
ech hu gemoolt

trieden:
ech trieden
du trëts
hien trëtt
ech hu getrueden

iren:
ech ire mech
du iers dech
hien iert sech
ech hu mech geiert

goen:
ech ginn
du gees
hie geet
ech si gaang

ginn:
ech ginn
du gëss
hie gëtt
ech hu ginn

wëssen:
ech weess
du weess
hie weess
ech hu gewosst

wuessen:
ech wuessen
du wiiss
hie wiisst
ech si gewuess

HIE LÉISST SECH NET HUELEN. ×

VERBEN, DÉI SECH GLÄICHEN

BEISPILLER

Ech **ginn** akafen a **ginn** dir dann e Stéck Schockela.

Hie **freet** sech op den Theater a **freet sech**, wéini datt et ugeet.

Wann dee Bouf virun esou **seet**, da **seet** säi Papp him wat gelift.

Hien **zielt**, datt hie seng Kanner gutt **zillt** an dobäi op eng gesond Educatioun **ziilt**.

Da **setzt** iech, a passt op, datt der gutt **sëtzt**.

Vill Verbforme klengen oder schreiwen sech d'selwecht oder bal d'selwecht; just de Kontext erlaabt et, se z'ënnerscheeden.

D'PRINZIPIEN

Am Lëtzebuergesche kënnt et dacks vir, datt verschidde Verben déiselwecht oder bal déiselwecht Formen hunn, déi ee just duerch de Kontext ënnerscheet kritt:

goen: ech ginn, du gees, hie geet, ech si gaang
ginn: ech ginn, du gëss, hie gëtt, ech hu ginn

spannen: ech spannen, du spënns, hie spënnt, ech hu gesponnen
spanen: ech spanen, du spaans, hie spaant, ech hu gespaant

falen: ech falen, du fäls, hie fält, ech si gefall
falen: ech falen, du faals, hie faalt, ech hu gefaalt

halen: ech halen, du häls, hien hält, ech hu gehalen
huelen: ech huelen, du hëls, hien hëlt, ech hu geholl

WAT DE BAUER NET KENNT, DAT FRËSST EN NET. •

KËNNS DE NET HAUT, DA KËNNS DE MUER. ×

kennen: ech kennen, du kenns, hie kennt, ech hu kannt
kënnen: ech kann, du kanns, hie kann, ech hu konnt
kommen: ech kommen, du kënns, hie kënnt, ech si komm

soen: ech soen, du sees, hie seet, ech hu gesot
seeën: ech seeën, du sees, hie seet, ech hu geseet

sech froen: ech froe mech, du frees dech, hie freet sech, ech hu mech gefrot
sech freeën: ech freeë mech, du frees dech, hie freet sech, ech hu mech gefreet

leien: ech leien, du läis, hie läit, ech louch, ech loung (ech hu geleeën)
léien: ech léien, du litts, hie litt, ech hu gelunn
leeën: ech leeën, du lees, hie leet, ech hu geluecht

leeden: ech leeden, du leets, hie leet, mir leeden, dir leet, si leeden, ech hu geleet
leiden: ech leiden, du leits, hie leit, mir leiden, dir leit, si leiden, ech hu geleit
leiden: ech léiden, du léits, hie léit, mir léiden, dir léit, si léiden, ech hu geléit

(sech) setzen: ech setzen, du setz, hie setzt, ech hu (mech) gesat
sëtzen: ech sëtzen, du sëtz, hie sëtzt, ech souz (ech hu gesiess)

zielen: ech zielen, du ziels, hien zielt, ech hu gezielt
zilen: ech zilen, du ziils, hien ziilt, ech hu geziilt
zillen: ech zillen, du zills, hien zillt, ech hu gezillt

spieren: ech spieren, du spiers, hie spiert, ech hu gespuert
spueren: ech spueren, du spuers, hie spuert, ech hu gespuert

DEN IMPARFAIT AN DE CONDITIONNEL

BEISPILLER

Ech kéim séier an ech géing dat séier maachen
a géif der hëllefen, wann ech Zäit hätt.

Mir louchen um Canapée an haten eis just gesat, wéi hie koum.

Ech kéim = ech géif kommen = ech géing kommen

Mir louchen um Canapée = mir haten eis op de Canapée geluecht

Et ginn dacks verschidde Forme vum Imparfait an/oder vum Conditionnel, ouni Ënnerscheed an der Bedeitung.

D'PRINZIPIEN

Verschidde Verben hunn eng eege Form fir den Imparfait an/oder de Conditionnel, déi dacks mat den Diphthongen <éi> oder <ou> forméiert ginn an déi d'Reegele vun der Verdoppelung, oder net, an och déi vum <i> virum <r> respektéieren, wéi bei: ech sëtzen – ech souz, ech sinn - ech wier:

hunn:	*ech hat*	*ech hätt*
sinn:	*ech war*	*ech wier*
bleiwen:	*ech blouf*	*ech bléif*
brauchen:		*ech bräicht*
doen = dinn:	*ech doung*	*ech déing*
ginn:	*ech gouf*	*ech géif*
goen:	*ech goung*	*ech géing*
hänken:	*ech houng*	*ech héing*
kënnen:	*ech konnt*	*ech kéint*
kommen:	*ech koum*	*ech kéim*
leien:	*ech louch (loung)*	*ech léich*
mussen:		*ech misst*
sëtzen:	*ech souz*	*ech séiz*
soen:	*ech sot*	
sollen:	*ech sollt*	
stoen:	*ech stoung*	*ech stéing*
wëllen:	*ech wollt*	*ech wéilt*
wëssen:	*ech wousst*	*ech wéisst*

Wa keng Form fir den Imparfait do ass, da gëtt de Participe passé geholl, mat den Hëllefsverben „hunn“ oder „sinn“, jee no Verb. Et gëtt meeschtens keen Ënnerscheed am sproochleche Gebrauch vun Imparfait a Passé composé.

Verschidde Forme si vereelzt a gi kaum nach gebraucht:
maachen, ech mouch, ech méich, iessen, ech ouss, ech éiss,

Et ginn och regional Ënnerscheeder:
ech géing = ech ging, ech géif = ech giff

De Conditionnel ka mat zwee Hëllefsverbe gebilt ginn, ouni en Ënnerscheed am Sënn: <géif, géifen> vum Verb <ginn> oder <géing, géingen> vum Verb <goen>:
ech géif kommen, ech géing kommen, ech kéim
mir kéimen, mir géinge gär kommen, mir géife gär kommen

De Conditionnel kënnt no <wann> an och no <wéi wann>, a bei der indirekter Ried:
E mécht, wéi wann e mech net géif kennen.
Wann dat wouer wier, da géif ech menger Wee goen.
Hie seet, et géif schneien dobaussen.

Mat <hätt> gëtt e Wonsch ausgedréckt:
Ech hätt gär e Pättchen, wann ech gelift.

D’Hëllefsverb <wäerten> dréckt e Wonsch aus, en Zweiwel oder eng Menace, et kritt ëmmer en <äe>:
Ech wäert dir et soen!
Du wäerts jo kommen?
Dat wäert jo alt klappen.

DÉI FRANSÉISCH WIERDER

BEISPILLER

Ech hu mer e chicke Bijou kaaft, fir an den Theater ze goen.
Mäin eprouvéierte Portmonni huet e seriöe Schock kritt.

Verschidde Wierder gi wéi am Franséische geschriwwen a kënnen eng lëtzebuergesch Endung kréien. Aner Wierder hunn eng lëtzebuergesch Schreifweis kritt. Dacks ass béides méiglech.

FIR EN ZIWWI ZE MAACHEN, MUSS EEN EN HUES HUNN.

D'PRINZIPIEN

Déi franséisch Wierder sinn ënnerschiddlech gutt an d'Lëtzebuergescht integréiert. Verschidde franséisch Wierder ginn onveränert iwwerholl, mee Substantive gi grouss geschriwwen:
Besoin, Bijou, Dictionnaire, Congé, Ficelle, Soupçon, Poubelle, Trottoir

Aner franséisch Wierder kréien eng lëtzebuergesch Endung drugehaang:
Chamber, Coiffer, Combel, soupçonnéieren, Natioun, Member, Timber, Ensembel

Da ginn et franséisch Wierder, déi ganz agebiergert sinn:
Bëtong, Tëlee, Vëlo, Fritten, Jelli, Zooss, Zoossiss, Kaffi, Rampli, Kalzong, Klautjen, Pressessioun, Giraff, Schock, prett sinn, mee

Dacks huet een d'Wiel:
Pompjee / Pompier, Keessjee / Caissier, schick / chic, Annexe / Annex

Den Accent aigu um <é> bleift, wann en hannen am Wuert steet:
Musée, Congé, Lycée

Den Accent aigu um <é> vir am Wuert gëtt ewechgelooss, mee den <e> gëtt net verduebelt:
Debat, Decisioun, reell, Reunioun, Echec

Bei Expressiounen, déi ganz iwwerholl ginn, bleift den Accent aigu:
En Délit de grande vitesse

Den Accent grave an den Hittche bleiwen:
Barrière, Succès, Progrès, Boîte, Enquête, enquêtéieren, Gêne (mee: genéieren), Piqûre

Zesummegesate Begrëffer ginn tel quel iwwerholl:
d'Assemblée générale, e Chargé de cours

Gemëscht zesummegesate Begrëffer gi mat Bindestréch geschriwwen; wann en <s> wéinst der Aussprooch derbäi kënnt, gëtt deen un d'Wuert ugehaang:
Saumon-fumés-Schnittchen, Lycées-Direkter, Sécurité-sociales-Kaart

Bei Adjektive maache mer eng lëtzebuergesch Endung drun, wann et néideg ass:
e chicke Schal, e chict Kleed, eng charmant Dame, e beigen Hutt, e beigë Mantel, eng beige Jupp, e beiget Hiem, en efficacet Mëttel

Bei internationale Wierder orientéiere mer äis éischter um Däitschen:
Hotel, Theater, Diplom, Thermometer, Delfin, Foto

DËPPEGÉISSER.
D'GELD REGÉIERT D'WELT. 2012

DE PLURAL VU FRANSÉISCHE WIERDER

BEISPILLER

Hei ass Chancëgläichheet, jiddwereen huet déiselwecht Chanc**en**
an all Servic**er** an Administratioun**en** hale sech drun.

D'Enseignanteë gi wéi d'Enseignantë bezuelt,
Clientë wéi Clienteë si wëllkomm.

Ech hu Saumon-fumés-Schnittercher mat Petit-beurrë
giess a verschidde Juse gedronk.

Meng Schong hunn déi schéi Faarf bordeaux; ech gi gär mat menge
bordoosse Schong d'Cités-Promenadë vun de grousse Stied maachen.

D'Accent-aiguë gi meeschtens net geschriwwen,
mee d'Accent-gravë gi geschriwwen.

Den **<-en>, <-er> oder just en <-n>, <-r> fir de Plural**
gëtt ugehaang; den Trema (<ë>) kënnt,
fir Verwiesselungen auszeschléissen.

Zesummegesate Wierder gi mat Bindestréch geschriwwen.

D'PRINZIPIEN

Mir hänke meeschtens déi lëtzebuergesch Endung einfach un de franséische Singular drun:
Abusen, Camionen, Dossieren, Projeten, Jusen, Bouqueten,
Devisen (Plural vun Devis), Couren (um Geriicht), Coursen (an der Schoul)

Wann de Singular mat <e> ophält, kënnt meeschtens einfach <n> drun; wann da wéinst der n-Reegel deen <n> ewechfält, da kënnt hannen <ë>, wéinst der Betounung a fir datt et keng Verwiesselung gëtt:
d'Poubellen, d'Poubellë fëllen; eng Poubelle fëllen, Chancëgläichheet,
Kopië maachen, an d'Annexë goen, d'Avenuë vu Paräis, d'Toilettë botzen

Wann de Singular mat <ée> ophält, kënnt <ën> drun:
Muséeën, Lycéeën, Employéeën

n

Och wann een eppes ka verwiesselen, gëtt am Plural un den <e> hannen den <ën> ugehaang:

Eng Enseignante, Enseignanteën, am Ënnerscheed zu:
en Enseignant, Enseignanten
Mir hunn Enseignanteë gesicht an Enseignantë fonnt
Eng Cliente, Clienteën
Eng Devise, Deviseën
Eng Chargée, Chargéeën; mir hu Chargéeë gesicht a Chargéë fonnt

Hanne gëtt dacks de Konsonant verduebelt:

Cricken, Flicken, Agraffen, Finallen, Hoteller, Dammen, Sardinnen, Equippen, Courssen

Bei verschiddene Wierder gëtt am Plural, oder an der Deklinatioun, déi lëtzebuergesch Form geholl:

ee Coup, vill Ki, een Tour lafen, zwee Tier lafen (mee: den Auto kënnt op Touren), meng Schong hunn d'Faarf bordeaux, mat menge bordoosse Schong

De Plural vun zesummegesate franséische Wierder, oder franséisch-lëtzebuergesch Kombinatioune gëtt ëmmer mat Trait d'union geschriwwen, och wann am Franséischen (an also och am lëtzebuergesche Singular) kee steet.

Den <s> fir de franséische Plural gëtt net geschriwwen; et kënnt just dann en <s>, wann d'Aussprooch et verlaangt:

d'Saumon-fumés-Schnittercher, d'Lycées-Direkteren, d'Sens-uniquen, d'Comités-Memberen;
d'Chargé-de-coursen, ee Chargé de cours; d'Comité-directeuren, ee Comité directeur;
en huet a vill Assemblée-généralë misse goen; eng Assemblée générale.

Bei englesche Wierder gëtt no deeneselwechte Prinzipie gekuckt:

Club, Clibb, Clippercher;
Slip, Slippen;
Football, Futtball, Fussball, Foussball

DEN APOSTROPH, DEN S, N, T ODER EM, DÉI VERBANNEN

BEISPILLER

’t ass kal, da’s awer net schlëmm, kënns d’iesse bei eis?

De Mupp sëtzt ënnert engem Dësch an d’Kaz widdert engem Schaf.

Wann s de n e baussent dem Haus gesäis, da frees de n en,
ob s de n e kanns mathuelen a wat fir en Auto s de solls huelen.

Den **Apostroph** steet fir e Buschtaf, deen ewechfält.

Den <n> oder den <s>, déi verbannen, sti fir sech eleng.

Bei baussen, ënner, hanner, widder, kann en <t> ugehaang ginn.

D’PRINZIPIEN

Den Apostroph steet beim bestëmmten Artikel, bei weiblechen a sächleche Substantiven, an am Plural:
d’Aarbecht, d’Fra, d’Haus, d’Saach, d’Männer

An der Ëmgangssprooch, déi siele geschriwwe gëtt, ersetzt den Apostroph ee Buschstaf oder méi Buschstawen, déi ewechfalen.
hues d’et gesinn, kënns d’iessen, fir dat z’erliewen. Hues de s’all gesinn?
’t ass kal, ’t geet, ’t muss sinn, da’s awer schéin

E Verbindungs-s oder -n steet eleng.

Datt s du et weess, deem s du et sees, ob s de kënns, wann s de wëlls, wat fir e Brëll s de ophues.

Hues de n e kannt?
Amplaz: *Hues du e kannt?*

Wéi se n e gesinn hunn, hunn se n em Moie gesot (oder hunn s'em Moie gesot).
Amplaz: *Wéi si e gesinn hunn, hu si him Moie gesot.*

Wann s de n e gesäis, frees de n en, ob s de n e kanns mathuelen.
Amplaz: *Wann s du hie gesäis, frees du en, ob s du e kanns mathuelen.*

Mee et dierf een de Verbindungs-s net verwiessele mat engem <s>, deen um Wuert drunhänkt:

Wéi béis de bass! Weess de, wéi eng Box en huet? Wëlls d'eppes ? Do iers de dech, ier s de dech ëmsinn hues.

Bei bannen, baussen, ënner, hanner, niewen, iwwer, tëschen, uechter, widder kann en <t> ugehaang ginn:

baussent der Stad, bannent dem Haus, ënnert dem Dësch, hannert dem Bam, widdert dem Schaf

Beim Schwätzen gëtt dacks zesumme gezunn:

ënnerem Dësch, hannerem Bam, widderem Schaf



WEESS DE WÉI?

SCHREIWEN.lu